

WISOU D'PIRATE WIELEN?

D'Piratepartei setzt sech zënter hirer Grënnung fir de Schutz vun der Privatsphär, en transparent Staatswiesen souwéi méi Biergerbedeegung an.

Niewt dësen Kärthemen wëlle mir awer och eng fräi Gesellschaft, an där jiddwereen déi selwecht Chancen huet a wou och jiddwereen, onofhängeg vu senger Hirkonft an soziale Status, kann deelhuefen. Mir sinn fir e vereentend Europa ouni Grenzen, wou all Bierger mënschewierdeg liewe kann.

D'Clärrwer Piraten wëllen den 8. Oktober 2017 mat an d'Course fir d'Gemengewale goen. Mat neien an Innovativen Iddien wëlle mir eis Gemeng fit fir d'21. Joerhonnert maachen. Eis Uertschaften dierfen net weider u Liewensqualität verléieren, am Géigendeel: d'Awunner solle méi Matbestëmmungsrechter kréien an aktiv matgestalten kënnen.



ESOU ËNNERSTËTZT DER EIS AM MEESCHTEN!

Dir sitt iwwerzeegt vun eisen Iddien? Da giffe mer eis iwwert äer Ënnerstëtzung freeen, fir eis am nächste Gemengerot dofir anzesetzen. Den 8. Oktober kënt dir bis zu 11 Stëmme um Walziedel verdeelen.

***An esou hëlleft dir eis am meeschten:
Beim Schwärzen vun der Piratelëscht giffen awer
4 Stëmme verluer goen. Dir ënnerstëtzt eis am
beschten, wann dir äer 11 Stëmme op eiser
Lëscht verdeele giff.***



klierf.piraten.lu



klierf@piratepartei.lu



facebook.com/KlierferPiraten/



[@Piratepartei](https://twitter.com/Piratepartei)

Jiddwer Interesséieren ass häerzlech invitéiert un eisen Treffen deelzehuelen.
Bei eis ass jiddweree wëllkomm!
Weider Informatiounen zu eisen Treffen fënns de op eiser Websäit!

**KUERZ &
KNACKEG!**



JUGEND & KULTUR

ZU CLÄRREF



EIS VISION UN FIR CLIÄRREF

NEIE LYCÉE OPTIMAL INTEGRÉIEREN



Mat Opgoë vum neie Lycée wäert Cliärref op eemol nach méi lieweg ginn.

Mam Numm **Edward Steichen** fir dës Schoul souwéi och der permanenter Fotosausstellung **Family of Men** ass dat e Verspriechechen un d'Zukunft vun eiser Gemeng als bedeitende Kulturstanduert souwéi als sougenannte **#Futurehub** vum Norden.



Mir wëllen eis dofir asetzen, fir de Lycée esou gutt wéi méiglech a Cliärref ze integréieren. Dozou gehéiert e **Shared Space**, also eng verkéiersberouegt Strooss, tëscht der BeNeLux-Plaz an dem Altersheem déi fir d'Schüler an Awunner méi sécher gëtt, mee och eng Rëtsch kulinaresch a fräizäitlech Offeren.



Mat engem Lycée, dee säi Fokus op déi nei Technologien leet, mussen mer awer och eiser Jugend d'Chance ginn, an hirer Heemechtsgemeng eng Rëtsch Offeren ze fannen an ze notzen, déi hir Kreativitéit fördert. Mir setzen eis esou zum Beispill fir d'Schaafung vun engem **#CreativeHub** an, engem Haus, wou déi Jonk Räum fannen, déi se fir sech selwer

notze kënnen. Dat kann fir Workshops sinn, fir Ausstellungen, als Atelier oder Proufraum souwéi fir punktuell Evenementer. Heimadder soll d'Offer vun engem Jugendhaus net ersat, mee ergänzt ginn.

EN EDWARD-STEICHEN-PRÄIS AN E FOTO-FESTIVAL FIR CLIÄRREF



Cliärref dierf sech net just alleng op d'**Family of Men**-Ausstellung als eenzegt Zuchpäerd a Saachen Kultur & Tourismus verloossen!

Mir wëllen d'Mark "**Cité de l'image**" vill stäerker promovéieren an ënnerstëtzen dofir ganz staark d'Iddi vun enger "Woch vun der Fotografie". Mir haalen et fir eng gutt Iddi, fir e dorausser en internationalen Festival ze maachen, deen Cliärref als Stad vum Bild och am Ausland etabliert.

Mat der Schaafung vun engem "**Edward Steichen**"-Präiss, deen Nowues- an och Profifotografen auszeehnet, wëlle mer dësem Festival an eiser Gemeng nach eng zousätzlech Renomé ginn.

D'Piraten wëllen dofir och der bestoender Initiativ "**Cité de l'image**" an deem Kontext méi Moyenen zur Verfügung stellen fir Workshops an divers Events etc. a gréisserem Ëmfang organiséieren ze kënnen.

DE SPORT PROMOUVÉIEREN



Och am Beräich Sport begrëisse mer Events ewéi d'Nuecht vum Sport oder Dag vum Vélo. Mir wëllen dës Initiativen méi staark ënnerstëtzen, fir esou allen Awunner d'Loscht op Sport ze vermëttelen. Mir wëllen ausserdeem eng nei Skate-Pist! Dës gehéiert och an den Uertschäer tëscht Lycée a Bannenstad an net un den hënneschte Wupp vu Cliärref!

HËLLEF FIR SOZIAL START-UPS



E **#FutureHub** ass awer net just e Lycée! Mir wëllen, datt eis Gemeng och de Jonken no hirer Schoulcarrière Méiglechkeete bidd, sech ze entfaalen: sou soll d'Gemeng net nëmme „normale“ Startups Raimlechkeeten fir abordabel Präisser zur Verfügung stellen, mee virun allem och sozial Entrepreneurien bei hire Projeten ënnerstëtzen, déi um Gebitt vun enger **Green Economy** schaffen.

JUGENDGEMENGEROT ËNNERSTËTZEN!



Mir begrëissen d'Iddi vun engem Jugendgemengerot a wëllen dës Initiativ ënnerstëtzen. Mir denken dobäi z.B. un Projeten, déi déi Jonk selwer ausschaffen an mat Gemengegelder ëmsetze kënnen. De Jugendgemengerot soll och méi visibel an der Gemeng ginn, fir esou méi Jonker unzeschwätzen.